



Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg

# D'Quëtschbloder

Mäerz 2017 / Säit 1

*Neits vun der Société municipale des  
accordéonistes de Luxembourg*

Nr. 1 / 2017

## 25.11.2016: Fête Ste Cécile

Bei der Cæciliefeyer vun der Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg zu Beggen am GIRASSOL huet de President Raymond Mahnen zefridden op d'läscht Joer Aktivitéit zréckgekuckt, an de Musikante Merci gesot fir hiirt Engagement an hiren Äifer. De Gilbert Girsch, Verrieder vun der UGDA, huet de Merci vum Verband iwverbruecht a gläich e puer Accordéoniste gëiert:

D'Irène Goergen-Nau, den Tom Conrad an de Claude Seiler kruten eng Verbandsspéngel fir 5 Joer Aktivitéit. Dem Brice Junius (Tresorier) gouf eng sëlwer Verdéngschtmédaille fir 20 Joer Aktivitéit ugespéngelt, an de Romain Kraus (Dirigent a Secrétaire) gouf mat enger Sëlwermedaille Grand-Duc Adolphe fir 50 Joer gëiert.

D'Ehepartner vun de Gëierte kruten e kleng Merc.

### Themen an deser

#### Nummer :

- Cæciliefeyer 2016
- 40. Anniversaire vum Akkordeon-Spielring Pfralzgrafenweiler (D)
- Aktivitéiten & Concert-ën 2017
- Verkaf CD
- Verschidden Neiegkeete vun an iwwert d'SMAL
- An eegener Saach
- Impressum
- Contact






Société Musicale des Accordeonistes de Luxembourg

# D'Quëtschbloder

Mäerz 2017 / Sait 2

## 05.11.2016: 40. Anniversaire Akkordeon-Spielring Pfalzgrafenweiler (D)

Den "Akkordeon-Spielring Pfalzgrafenweiler" huet säi 40. Anniversaire gefeiert a bei deser Geleeënheet waren 3 Leit vun eisem Veräin dohinner gefuer. No engem flotte Concert mat Show-Einlagen huet de Fernand d'Gléckwënsch vun der SMAL ausgedréckt an, zesumme mam Guy, eng gudd gefëllte Corbeille mat lëtzebuurger Produkten iwwerrecht. Bei der Receptioun ass och d'Famill Bauer vu Biissen derbäi komm an et ass sech un de Besuch vun de Pfalzgrafenweiler Musikanten/-innen zu Lëtzebuerg erënnert gin. Déi zwee Veräiner hoffen, datt et net fir d'lescht war a freeë sech elo schonn op dat nächst Treffen.



Text a Fotoën: Monique  
Buchholtz-Feitler



Société Municipale des Accordionistes de Luxembourg

# D'Quëtschbloder

*Neits vun der Société municipale des  
accordéonistes de Luxembourg*

Mäerz 2017 / Sait 3

## 14.12.2016 : Ofschloss vum Joer

Um Enn vun engem Joer  
mat villen Optrëtter a ville  
Prouwen,  
An am plaz vun enger  
"Chrëschtfeier" huet de  
Comité op e gemitlechen  
Ofschloss vum Joer 2016  
invitéiert.



Fotoën: Monique Buchholtz-Feitler



**SOCIÉTÉ MUNICIPALE DES  
ACCORDÉONISTES DE  
LUXEMBOURG (SMAL)**

**CONTACT SMAL :**

President R. Mahnen

Tél. +352 40 39 94

Dirigent R. Kraus

Tél. +352 50 15 06

Redaktioun

« d'Quëtschbloder » :

Danielle Ludwig

Luxembourg-Bonnevoie

e-mail (privat):

danielle.ludwig@gmx.net

e-mail SMAL :

Accordeon\_SMAL@gmx.net



Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg

**Aktivitéite vun der SMAL :**

08.04.2017 - 15h00	Concert - Centre Pontalize, Ettelbruck, 17, Avenue des Alliés
06.06.2017	Echternach: Sprangprëssëssioun - Procession dansante
17.09.2017 - 15h00	Concert - « Amis de la Fleur », Centre Hild Dudelange, Av. Grande-Duchesse Charlotte n° 11
01.10.2017 - 15h00	Concert - Hauptmann's Schlass Berbourg Berbourg, Broucherstrooss n° 4
26.11.2017 - 14h30	Journée / Fête de l'accordéon, Alen Tramsschapp, Lux-Limpertsberg
02.12.2017 - 20h00	Concert - Basar de solidarité, Bonnevoie Centre culturel, rue des Ardennes n° 4

Bestellt en CD mat der Opzeechnung vun eisem Concert den 8.02.14 am CHdN, andeems Dir 18 € (CD+Porto) op de CCPL vun der SMAL IBAN LU34 1111 0103 9920 0000 iwwerweist. Dir kritt den CD dann heem geschéckt. *Commandez le CD avec l'enregistrement de notre concert du 8.02.14 au CHdN en effectuant un virement de 18 € (CD+frais de port) au CCPL de la SMAL IBAN LU34 1111 0103 9920 0000. Le CD vous sera envoyé à domicile.*

**Aus eisem neiste Programm**

- Atemlos (Helene Fischer)
- Happy Luxembourg (James Last)
- Ich war noch niemals in New York (Udo Jürgens)
- Musik ist Trumpf
- an a Virberedung: Boney M. Hitmix

**Bilanz vum Aarbechtsjoer 2016**

- 37 Prouwen
- 10 Concert-ën
- Akkordeon-Festival, Idesheim
- Sprangprëssëssioun
- Generalversammlung (AG) an Cæciliefeier

**An ausserdiem ...**

Den 19.02.2017 huet d'Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg hire Bäitrag beim « Dag fir den Télévie » zu Kautebaach geleescht. De Concert vu gudd 1,5 Stonn hat grouse Succès. Den Honoraire fir de Concert goug als Don un Télévie.

[www.accordeon.lu](http://www.accordeon.lu)

**An eegener Saach ...**

Mir sichen Accordéonisten, déi no regelméissege Prouwe gäre bei eise Concerté matspillen an och soss d'Gesellschaft an enger lëschteger Equipe genéissen.

Interessierter kommen eng Kéier Mëttwochs an d'Prouw kucken: "Hal Victor Hugo" um Lamperbiërg, rechts niëwt der Rotonde eran an dann um éischte Stack am Gank hanne rechts - Sall 103.

*Nous accueillons volontiers les accordéonistes désireux d'intégrer notre orchestre pour participer aux répétitions hebdomadaires et aux concerts durant les saisons. Intéressé(e)? Venez nous rencontrer pendant une répétition au « Hal Victor Hugo » à Lux-Limpertsberg; entrée à droite de la Rotonde, au 1er étage la dernière pièce à droite du couloir - salle 103.*